

Lëtzebuerg, den 1. Februar 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspräsident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch an un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden:

« De Weekend war an enger Lëtzebuenger Dageszeitung ze liesen, dass Reklammen fir e Schéissstand just hannert der lëtzebuenger Grenz op der Facebook Säit vu Coronamesure- Géigner publizéiert gi wieren. An dese Reklammen géifen da Waffen- a Schéisscoursen ugebuede ginn.

Et liest ee weider, dass esouwuel Professioneller, wéi och Privatleit dës Course kënnen besichen. Et géif dorop opgepasst, dass keng Extremisten oder politesch motivéiert Persounen ënner de Partecipante dobäi wieren, allerdéngs wier et net méiglech Abléck an de Casier vun den eenzele Leit ze kréien.

Den Aussoe vun der Police an dësem Artikel no, géif een esou Betriber kritesch gesinn. Zwar géif ee vun der Police an der Arméi aus op intern Ausbildungen zeréckgräifen, an trotzdeem géing e Sécherheetsproblem bestoen well Polizisten och privat un de Coursen géingen deelhuelen. Déi taktesch Ausbildung wier op europäeschem Niveau ofgeschwat, an esou ,Trainingen' op dese Schéissstänn kéinten am schlémmste Fall vun de nationale Gesetzer ofwäichen.

An deem Kader wollte mir der Madamm Justizministesch an dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet folgend Froe stellen:

- Wéi si Schéissstänn hei am Land allgemeng reglementéiert ?*
- Wien dierf zu Lëtzebuerg op e Schéissstand schéisse goen?*
- Ginn zu Lëtzebuerg och Coursen fir Privatleit a Betriber ugebueden?*
- Falls jo, wat fir Konditioune mussen een do erfëllen a brauch ee fir un esou engem Cours deelzehuelen e Waffeschäin?*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Ginn op lëtzebuerger Schéissstänn och taktesch Übungen fir Civilisten ugebueden?*
- *Ginn an dem Kontext reegelméisseg Kontrolle op de Schéissstänn gemaach ? »*

Mat déiwem Respekt,



Claude LAMBERTY
Deputéierten



Max HAHN
Deputéierten